PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
01 AVR. 2019
585

Lëtzebuerg, den 01/04/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.**

D'Onlinepress mellt, datt en Accord tëscht dem lëtzebuergesche Generalkonsulat zu Shanghai a *Sesame Credit* (engem Credit Rating System vun Ant Financial) et auslännesche Persounen erméiglecht, méi einfach e Visa fir Lëtzebuerg unzefroen. Huet eng Persoun ob der Onlineplattform vun der genannter Firma e gewëssene Ranking erreecht, kann si hire Visa ufroen, ouni dass si zousätzlech Dokumenter fir d'Noweise vun hirer Solvabilitéit areechen muss. Sesame Credit sammelt d'Informatioune vu sengen Notzer dobäi online an analyséiert d'Verhale vun den Notzer am Internet, hier Kreditgeschicht, hier Méiglechkeete fir Kreditter zeréck ze bezuelen, perséinlech Informatiounen an hier Social Media Accounts.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Kann den Här Minister bestätegen, datt d'Generalkonsulat zu Shanghai en Accord mat Sesame Credit huet?
- Wéi vill Persounen hunn bis elo e Visa mat engem Rating vu Sesame Credit ugefrot?
- Zenter wéini offréiert d'lëtzebuergescht Generalkonsulat zu Shanghai d'Méiglechkeet mat Hëllef vu Sesame Credit e Visa unzefroen? Wäert des Offer an Zukunft ob aner Länner an/oder aner Entreprisen erweidert ginn?
- Wéi ass dem Ausseministère seng Entscheedung mat enger privater Entreprise zesummenzeschaffen, déi Date vu Privatleit sammelt a späichert, zustane komm? Sinn och aner Entreprisen a Consideratioun geholl ginn?
- Wéi garantéiert d'Regierung, dass d'Informatiounen, déi Sesame Credit un de Konsulat weidergëtt, der Realitéit entspriechen?
- Wéi eng Base légale garantéiert, dass de Ranking vu Sesame Credit beim Konsulat mat engem offiziellen Dokument iwwert d'Solvabilitéit vun enger Persoun gläichgestallt muss ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 01 avril 2019

Objet : Question parlementaire n° 585 du 01.04.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Collaboration entre « Sesame Credit » et le consulat luxembourgeois

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél.: (+352) 466 966-1 | Fax: (+352) 22 02 30
www.chd.lu